N°3137
Entrée le 31.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Reegelunge ronderëm de Punkteführerschäin zu Lëtzebuerg gesi vir, datt Führerschäin-Inhaber, déi hire Kredit vun 12 Punkten integral verluer hunn, eng obligatoresch Formatioun am Centre de Formation pour Conducteurs (CFC) zu Colmar-Bierg musse maachen, fir hir Fuererlabnis no der Suspensioun nees zeréckzekréien. Laut den aktuelle Veröffentlechungen op der Websäit vum CFC ginn dës Formatiounen nëmmen op Däitsch a Franséisch ugebueden.

Dës sproochlech Limitatioun steet am Widdersproch zu der demographescher a sproochlecher Diversitéit vun der Populatioun zu Lëtzebuerg, wou eng bedeitend Unzuel vu Residenten a Grenzgänger hir Führerschäiner aus aneren EU-Länner homologéiert oder transkribéiert kruten. Vill vun dësen EU-Bierger beherrschen Däitsch a Franséisch eventuell net genuch, fir eng esou komplex a sécherheetsrelevant Formatioun am Detail ze verfollegen an ze assimiléieren. Déi sproochlech Barriär riskéiert, d'Effizienz vun de Sensibiliséierungscourse ze behënneren an d'Gläichbehandlung vu sämtleche concernéierte Bierger an Awunner a Fro ze stellen. Zousätzlech suergen europäesch Pläng fir d'Aféierung vun engem europäesche Punkteführerschäi fir eng néideg Iwwerpréiwung vun der aktueller nationaler Praxis.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt d'obligatoresch Formatioun no engem integrale Punkteverloscht vum Führerschäin aktuell just op Däitsch a Franséisch ugebueden? Firwat net och op Lëtzebuergesch?

2. A wéi wäit gouf d'Offer un d'Besoine vun der sproochlecher Diversitéit an der lëtzebuergescher Populatioun ugepasst, besonnesch am Hibléck op d'Zuel vun den EU-Bierger mat homologéierte Führerschäiner, fir déi Däitsch a Franséisch keng Verwaltungssprooche sinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

3. Gëtt et Iwwerleeungen, d'Formatioun och an anere relevanten europäesche Sproochen (z.B. Englesch, Portugisesch) unzebidden, a wat sinn déi eventuell finanziell an administrativ Hürde fir esou eng Extensioun?
4. Huet d'Regierung am Kader vun den europäesche Projete ronderëm den europäesche Punkteführerschäi Preparatioune getraff, fir an Zukunft Formatiounen, déi am Ausland absolvéiert goufen, fir d'Zeréckkréie vum Führerschäin zu Lëtzebuerg unzeerkennen?
5. Wéi eng statistesch Donnéeë leien der Regierung iwwer déi sproochlech Profiller vun de Persounen, déi déi obligatoresch Formatioun no engem Punkteverloscht musse maachen, vir?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés